

Evangelium vum 15. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

Mt 13,1-9 (Kuerzfaassung)

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*

A. *Dir all Eier, Här.*

- 1 De Jesus ass aus dem Haus erausgaang
an huet sech bei de Séi gesat.
- 2 Eng Onmass Leit si bei him zesummekomm,
esou datt hien an en Naache geklomm ass an sech gesat huet,
iwwerdeems d'Leit alleguer um Uwänner stoungen.
- 3 An hien huet hinne viles a Gläichnesser verzielt.
- Hie sot: "E Mann ass erausgaang fir ze séien.
- 4 Iwwerdeems hie geséit huet,
ass en Deel vum Som op de Wee gefall,
an d'Vigel si komm an hunn en opgepickt.
- 5 En aneren Deel ass op stengege Grond gefall,
wou net vill Buedem war,
an huet eenzock ugefaang opzegoen,
well de Buedem keng Déift hat.
- 6 Wéi awer d'Sonn opgaang ass,
gouf e versengt,
a well e keng Wuerzelen hat, ass e verdréchent.
- 7 Nach en aneren Deel ass an d'Däre gefall,
an d'Däre si gewuess an hunn en erstéckt.
- 8 En aneren Deel schliisslech ass op gudde Buedem gefall
an huet Fruucht bruecht,
deen een 100-fach, deen anere 60-fach,
nach en aneren 30-fach.
- 9 Wien Oueren huet, dee soll lauschteren!"

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*